

E wichtege Schratt am Liewe vun der LLJ

Op den dësjärege Generalversammlunge vun den Associatiounen vun der Lëtzebuenger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer, déi de 15. Abrëll 2016 am Festsall vum Lycée Technique Agricole vun Ettelbréck ofgehale goufen, koum et mat der Opléisung vun der Lëtzebuenger Landjugend an der Daachorganisatioun Lëtzebuenger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer (LLJ – JB & JW), respektiv der Statutenännerung vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer (LJB & JW) zur geplangter Restrukturatioun vun eisem Verband. D'Elementer déi déi béid Associatiounen uitgemaach hunn, goufen an de Statute vun der aktualiséierter As.b.l. **Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren** (virdrun LJB & JW) verankert.

De Remy Harpes huet vun 2012 un, d'Funktioon vum President am Daachverband LLJ – JB & JW assuréiert. Mat der Opléisung vun der LLJ – JB & JW huet de Remy och e Schlusstréch ënner säin Engagement am Verband bekannt ginn. Mir soen him hei e **ganz ganz grouse Merci**, fir säin exemplarescht Wierken am Interessi vun eisen Associatiounen an deene Jonke vum Land!



De Remy Harpes (1.v.l.) um Virstandsdësch op der Generalversammlung vum 15. Abrëll 2016

Usprouch vum oftriedende President Remy Harpes

Léif Membere vun der **Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren**,

Ech begréissen Iech haut den Owend ganz härezech op der dësjäreger Generalversammlung vun eisem nationale Verband - enger ganz besonnescher Generalversammlung. Fir richtig misst ech eigentlech soen: op der Generalversammlung vun eisen nationale Verbänn. Mee dat wëlle mir jo haut änneren.

Uff..., wäerten der vill hei am Sall denken! Déi Leit, déi eis national Generalversammlunge kennen, wëssen dass se ëmmer e bësse schwéierfällig waren, well mir jo an engem Owend dräi Versammlungen hu missen duerchboxen.

Déi Leit aus dem Nationalcomité wëssen deemno, ëm wat et haut den Owend geet. An de Generalversammlunge vun de regionale Landjugendgruppen ass och schonn driwwer ofgestëmmt ginn. Haut den Owend wëlle mir also aus eisen dräi nationalen ASBL-en – der **Lëtzebuenger Landjugend**, de **Lëtzebuenger**

Jongbaueren a Jongwënzer an der Daachorganisatioun Lëtzebuenger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer - eng eenzeg maachen!



Mat groussem Geschéck huet de Remy duerch den Owend gefuert, esou datt déi geplangte Statutenännerunge virgeholl konnte ginn

U sech ass et eng Saach, déi iwweffälleg ass, well mir jo schonn zanter Joren, wéi ee Veräin funktionéieren. Éier dës Vereinfachung vun eiser Struktur an Ugrëff geholl gouf, sinn awer och Bedenke formuléiert ginn, well gefaart gouf, datt entweder d'Aktivitéite vun der Landjugend, respektiv vun de Jongbaueren ze kuerz komme kënten. Am Nationalcomité gouf sech awer déi néideg Gedanke gemaach an ech menge kënnen ze soen, datt déi geplangte Statutenännerung, deem Rechnung dréit.

Esou schwéierfällg, wéi eis Generalversammlung ëmmer war, war och Villes op administrativem Plang: Konte féieren, Transferte vu riets no lénks an ëmgedréint - fir datt alles seng Richtigkeet sollt hunn - d'Opdeele vun de Fraisen, d'Aschreiwungen am Registre de Commerce et des Sociétés, asw., asw.,... Eis Administratioun wäert mat der Vereinfachung vun der Struktur ganz sécher manner komplizéiert ginn. Dëst war jo och den eigentlechen Ustouss, fir déi ganz Saach unzekerbelen.

Dat ass och am Hibleck op de Poste vun eisem Permanent ze gesinn, deen äis elo nach vum Bistum zur Verfügung gestallt gëtt. Et weess awer keen, wéi laang dat nach de Fall wäert sinn! Ech géif dann hei gären dovunner profitéieren, fir all deene Leit Merci ze soen, déi sech vun der *Journée de réflexion* un, an deem Aarbechtsgrupp engagéiert hunn.

Fir mech ass et och eng ganz besonnesch Generalversammlung well ech mat dëser e Schlusstréch ënnert meng „Carrière“¹ an der *Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren* zéien. Wou ech dat - no all deene Joren, wou ech derbäi war - op de Pabeier geschriwwen hunn, muss ech agestoen, datt et mir awer e bësse schwéier gefall ass. Ech hu jo awer - an do sinn ech net eleng hei am Sall - meng ganz Jugend mat deem Veräin gelieft.

Et ass mir allerdéngs net baang ëm d'Landjugend an d'Jongbaueren, wann ech gesinn, wéi grouss den Engagement an eisem Verband ass.

Komme mir awer elo zu eisem eigentleche Programm vum Owend. Ech hunn lech virdu vu schwéierfällge Generalversammlunge geschwat ..., abee dës gëtt och nach esou eng!

¹ **Vun 2001 – 2009** : Sekretär vum regionale Landjugendgrupp Zenter
Vun 2006 – 2010: Nationalpresident vun der *Lëtzebuenger Landjugend*
Vun 2012 – 2016: President vun der Daachorganisatioun *Lëtzebuenger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer*